adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der

Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 MARS 2018
3690

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister an den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg geréieren net nëmmen d'Giischtercher de Gefaangenentransport mee och d'Beamte vun der Police Grand-Ducale. D'Erfarung weist, datt d'Prisonéier eng méi feindséileg Relatioun géintiwwer dem Police-Beamten hunn, ewéi géintiwwer dem Giichtjen. An deem Sënn kënnt et beim Gefaangenentransport méi dacks zu Konflikter, wa Poliziste bedeelegt sinn. All dës Ëmstänn féieren zu enger onverhältnisméisseger Belaaschtung vun der Police Grand-Ducale. Am Kontext vum geplangte Prisong zu Suessem wäert een och beim Gefaangenentransport e substantielle Plus u Personal brauchen, esou datt sech déi beschriwwe Problematik nach verschäerfe wäert.

An deem Kontext géif ech den Häre Ministeren gär dës Fro stellen:

1. Leien dem Här Minister Previsioune vir, wéivill Leit an Zukunft fir den Gefaangenentransport gebraucht ginn?
2. Ass d'Regierung wëlles, dës Aufgab an Zukunft op eng eenzeg Verwaltung ze iwwerdroen an, wa jo, wéi eng Verwaltung soll dat sinn?
3. Wat fir Konsequenze wäert dëst hunn op d'Personal vun där spezifescher Verwaltung?
4. Ass an Zukunft virgesinn, datt d'Magistraten sech fir den Austausch mam Prisonéier méi dacks an de Prisong deplacéieren, fir esou den ëmständleche Gefaangenentransport kënnen ze reduzéieren?

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

5. Si vun der Regierung Mesuren envisagéiert, fir d'Organisatioun vum Gefaangenentransport ze rationaliséieren an ze optimiséieren an, wa jo, wéi gesinn dës Mesuren aus?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten